N°5766
Reçue le 15.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 15.02.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung & Wunnéngsbau weiderzeleeden.**

Am Péitenger Zentrum, net wäit vun der Gare, läit eng 5 Hektar grouss Parzell mat der Kadasternummer 1177/8197, déi zënter Joren dem Staat gehéiert. Dës Parzell ass, zesumme mat den Terraine ronderëm, am PAG als Wunnzon klasséiert an se gëtt souguer am Plan directeur sectoriel « logement » als *zone prioritaire d'habitation* opgefouert. D'Weiche sinn also geluecht. Ech stellen allerdéngs fest, dass op där Parzell bis haut nach keng eenzeg Wunne gebaut gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Zënter wéini gehéiert d'Parzell 1177/8197 zu Péiteng dem Domaine de l'Etat?
2. Wou hänkt de Projet? Firwat hunn op deem 5 Hektar groussen Areal net scho längst Bauaarbechten ugefaangen?
3. Bis wéini gedenkt Regierung déi éischt Wunnengen op dësem Terrain bezuchsfäerdeg ze hunn?
4. Wéi vill Wunnengen kéinten insgesamt op dëser Parzell entstoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député